

GEMENGEBUET

Duelem 02 / 2024



OP EE BLÉCK

Wëllkomm	3	Bienvenue
De Gemengerot	4	Le conseil communal
Matdeelungen	6	Avis
Aus dem Gemengerot	20	Du Conseil Communal
Etat Civil	42	Etat Civil
Réckbléck	44	Rétrospective
Agenda	64	Agenda

IMPRESSUM

EDITEUR

Gemeng Duelem

LAYOUT

creative corner, Gréiwemaacher

DRECKEREI

Imprimerie Ossa, Nidderaanwen

OPLO

1.000 Exemplairen

PRINTED IN
LUXEMBOURG



WËLLKOMM

Léif Matbiergerinnen, léif Matbierger,

Et ass mir eng grouss Freed, lech déi drétt Editioun vun eisem Gemengebuuet virzestellen, eng Plaz, wou mir lech iwwer d'Neiegkeeten an d'Fortschrëtter vun eiser Gemeng informéieren.

Als éischt freeën ech mech, lech matzedeelen, datt d'Gemeng viru kuerzem e Graffiti op en Deel vun der Haaptfassad vun der Maison Relais zu Duelem vum international unerkannte Kënschtler Alain Welter realiséiere gelooss huet. Dëst Konschtwierk beräichert eise ländleche Raum a weist eisen Engagement fir Kultur a Konscht an eiser Gemeng.

Ech bestätegen lech och, datt de Modulbau um Schoulcampus bis Mëtt September fir d'Schoulentrée fäerdeg ass. Dëse Projet weist eise Wëllen, modern an adaptéiert Infrastrukturen unzebidden, déi den Ufuerderunge vun eise Schüler entsprechen. Während der leschter Gemengerotssetzung vum 26. Juli 2024 gouf den Avant-Projet Sommaire fir eng nei Schoul fir d'Grondschoul eestëmmege uegeholl. Dat geplangte Gebai enthält eng Turnhal a wäert e grouse Virdeel fir déi educativ a sportlech Entwécklung vun eise Jonke sinn.

Des Weidere freeën ech mech lech matzedeelen, datt eis Kandidatur fir e gallo-réimeschen Interreg-Projet, an Zesummenaarbecht mat de Gemenge vun Arel an Tréier, an der Finaliséierung ass. Mat engem Gesamtbudget vun ongeféier 4.500.000 Euro fir déi dräi Gemengen, wouvun ongeféier 1.100.000 Euro fir d'Gemeng Duelem, bezweckt dëse Projet, eis regional Zesummenaarbecht ze stäerken an eis touristesch a kulturell Infrastrukturen ze verbesseren. D'finanziell Ënnerstëtzung kënn vum der Europäescher Kommissioun, dem Kulturministère, dem Ministère fir Wirtschaft, PMEen, Energie an Tourismus, an d'Gemeng Duelem wäert ongeféier 10% vum Gesamtbetrag vun 1.100.000 Euro, droen.

Wat d'Infrastrukturprojeten ugeet, kann ech lech matzedeelen, datt all déi aktuell Aarbechten no Plang viruginn an nei Projeten a Planung sinn.

Eis Prioritéit bleift, op d'Interesse an d'Bedierfnesser vun eise Bierger anzegoen. Mir schaffen dorunner, eng besser an inklusiv Zukunft fir eis Gemeng ze garantéieren.

**Mat beschte Gréiss,
Romain Kill**

Buergermeeschter vun der Gemeng Duelem

BIENVENUE

Chères citoyennes, chers citoyens,

C'est avec un grand plaisir que je vous présente la troisième édition de notre journal communal « Buet », un espace où nous vous informons des nouvelles et des avancées de notre commune.

Tout d'abord, je suis ravi de vous informer que la commune a récemment fait réaliser un graffiti sur une partie de la façade principale de la maison relais de Dalheim par l'artiste internationalement reconnu, Alain Welter. Cet ajout artistique enrichit notre paysage urbain et démontre notre engagement envers la culture et l'art dans notre commune.



Je tiens également à vous confirmer que le bâtiment modulaire sur le campus scolaire sera achevé d'ici la mi-septembre pour la rentrée scolaire. Ce projet témoigne de notre volonté d'offrir des infrastructures modernes et adaptées aux besoins de nos élèves.

Lors de la dernière séance du conseil communal le 26 juillet 2024 l'avant-projet sommaire pour une nouvelle école pour l'enseignement fondamental a été approuvé à l'unanimité. Le bâtiment projeté comprend une salle pour l'éducation physique et sera un atout majeur pour le développement éducatif et sportif de nos jeunes.

Par ailleurs, je suis heureux de vous annoncer que notre candidature pour un projet Interreg Gallo-Romain, en collaboration avec les communes d'Arlon et de Trèves, est en cours de finalisation. Avec un budget total d'environ 4.500.000 euros pour les trois communes participantes, dont environ 1.100.000 euros à la disponibilité pour la commune de Dalheim, ce projet vise à renforcer notre coopération régionale et à améliorer nos infrastructures touristiques et culturelles. Le soutien financier se fera par la Commission Européenne, le Ministère de la Culture, le Ministère de l'Economie, des PME, de l'Energie et du Tourisme et la commune de Dalheim supportera prévisiblement 10% du montant total s'élevant à estimativement 1.100.000 euros.

Concernant les projets liés aux infrastructures routières, je peux vous informer que tous les travaux actuellement en cours avancent selon les planning établis et que les nouveaux projets sont en cours de planification.

Notre priorité reste de répondre aux intérêts et aux besoins de nos citoyens. Nous travaillons pour garantir un meilleur avenir et inclusif à notre commune.

**Avec mes meilleures salutations
Romain Kill**

Bourgmestre de la commune de Dalheim

De Gemengerot

**Op dëser Plaz presentéiere mir lech no an no d'Membere vum Gemengerot.
An dëser Ausgab huet d'Francine ERNSTER an den Luc MANGEN d'Wuert.**

Luc MANGEN

A menger Fonctioun als Schäfte virun e puer Joer hat ech d'Méiglechkeet Dossiere matt auszeschaffen, mee leider kann ech elo net méi matwierke fir se ëmzesetzen:

Ee vun de gréisste Projete wor d'Schoul mat enger grousser Sportshal;

2018/19 konnten Terraine kauft ginn, déi et erméiglechen dëst iwwerhaupt ze realiséieren – dës Projete wore kuerz virun de Geneemegungsinstanzen (2023: PDD Sportshal, APD Schoul), wéi ech hu misse feststellen, dass béid Projeten zesumme wéinst de manifeste Präishausse déi leschte Joren de Budget géingen iwwerstrapazéieren. Dowéinst wier et onverantwortlech eis Gemeng finanziell un d'Limitten ze bréngen. Meng Propose fir aus der grousser Sportshal an enger Schoul, souwéi Stockage fir d'Gemengeservicer, eng „Schoul mat Turnsall“ ze maachen, ass an der leschter Gemengerotssëtzung gestëmmt ginn; leider sinn, trotz dem signifikante Reduzéiere vun der Nutzfläch, déi finanziell Erspuernesser méi geréng ausgefall, wéi ursprénglech projezéiert.

Weiderhin hunn ech scho viru Jore probéiert eis Gemegebudgete raisonnabel mat techneschem a rationellem Sachverstand mat Hibleck op Nohaltegkeet ze projezéieren, ëmmer als éischte Fokus d'Fonctionalitéit an domadder d'Käschte-Notzeverhältnis:

D'Gemengenhaus an de Centre Culturel vun Duelem: wou Milliounen (€) u Renovéierungskäschten néideg wieren, géifen trotz héijen techneschen a baulechem Opwand um energieetesche Volet wéineg Verbesserung erreecht souwéi enger moderner Functionalitéit net gerecht ginn. objektiv betruucht ass et méi sënnvoll e vu Grond op neie Projet auszeschaffen. Den „ale“ Schäfte rot huet de Wee preparéiert andeems dat sougenannte „Marxehaus“ (Spëtztescht Krautemergaass a Kettegaass) 2023 kauft gouf. Dëst gëtt der Gemeng d'Méiglechkeet den Duerfkär grondleeënd nei ze gestalten. Ech begréissen, dass de neie Schäfte rot dës Visioun viruféiere wëllt.

E komplett neie Pompjeesbau géigeniwwer vun der N13 ass néideg fir eng moderner Functionalitéit ze garantéieren duerch eng ideal Acces-



sibilitéit fir déi 3 Dierfer. Virun 2 Joer goufe scho Gespréicher gefouert fir den Instanzewee ze preparéieren.

Weiderhi sollten och Infrastrukture fir eis aktiv Veräiner erhalen an ausgebaut ginn, fir de soziale Volet e.a. iwwert dës Wee ze stäerken.

Als Conseiller ass d'Haaptaufgab net nëmmen eng berodend Tâche ze hunn, mee och de Schäfte rot kritesch a konstruktiv ze begleeden.

Fir an Zukunft eis gesond Gemegefinanzen ze erhalen, wor ë.a. meng Motivatioun fir mech an d'Finanzkommissioun ze mellen.

Fir d'Entwécklung vun eisen dräi Dierfer wier d'Fäerdegstelle vum PAG/Bebauungsplang e wichtegt Element, parallel awer och d'Erhale vun eise histoiresche Patrimoine; dëst ass ë.a. och e Grond woufir ech mech an d'Bauten- & Ëmweltkommissioun gemellt hunn, déi ech och presidéieren.

D'Energiekooperative vum Kanton Réimech (EKR) ass 2022 zesumme vun de Gemenge gefördert ginn; ech vertrieden d'Gemeng Duelem am Conseil d'Administration als Grënnungsmember. D'EKR setzt sech a fir Photovoltaik-Projete op ongenotzte Gemengendiecher auszeschaffen, sou dass Bierger kennen a Projete fir eng nohalteg Energieproduktioun investéieren.

Esou gesitt Dir, dass ech weiderhi motivéiert sinn, am Dëngscht vun eis all, zesumme mat den anere Conseillere eis Gemeng virunzebréngen.

Luc Mangen

Francine ERNSTER

Ech wëll vun der Geleeënheet op dëser Plaz profitéieren, fir den Awunner aus der Gemeng Duelem matzedeelen, dass dëst mäi lescht Mandat als Gemengepolitikerin ass.

Als eelste Member am Gemengerot hunn ech iwwer 20 Joer mäi Méiglechst ginn, fir mat vill Engagement am Déngscht vun der Allgemengheet ze schaffen.

No villen an intensive Joren hunn ech awer elo decidéiert, mäi lescht Mandat e bësse méi lues unzegoen a meng Kandidatur fir verschidde Kommissiounen net méi ze stellen.

Ech engagéiere mech awer a verschidden Aarbechtsgruppen a vertrieeden d'Gemeng Duelem als Delegéierten zu Réimech am Jousefshaus, si Vizepresidentin vum Syrdallheem, Soins à domicile a Club Senior aktiv 50+, wou d'Gemeng Duelem och Member ass.

Absolut Prioritéit war an ass fir mech dat soziaalt Zesummeliewen an der Gemeng.

Un zweeter Stell steet fir mech d'Kultur an eiser Gemeng matt eiser réimescher Vergaangenheet an eise Veräiner.

Och dofir schaffen ech an engem Aarbechtsgrupp mat, fir e wäertvollt Buch iwwert d'Geschicht vun de Leit aus eiser Gemeng ze publizéieren.

E Buch, dat d'Geschicht vun der Gemeng am Zweete Weltkrich beschreift an d'Zäit vun Ausgang 1800 mat der Auswanderung an Amerika vu ganz villen Leit aus eisen dräi Dierfer. Eng Dokumentatioun, déi mir bis elo nach net hunn, en historiescht Buch, dat déi jonk Leit aus der Gemeng och intresséiere wäert, esou, dass eis Vergaangenheet och net vergiess gëtt.



Ech hu mech all déi Joren agesat, dass eisen eenzegaartege réimesche Site an der Gemeng soll valoriséiert ginn, a mat dem gläichen Asaz maachen ech dat och weiderhin.

Fir datt dat soziaalt Liewen an enger Gemeng ka fonctionéiere, brauch et nieft engagéierte Leit awer och déi néideg Infrastrukturen.

Dofir sinn ech och houfreg, dass ech a menger Period als Buergermeeschtesch vun 2000 bis 2005 e Jugendhaus an e Musekshaus konnt realiséieren.

Net ze vergiessen, eise Recyclingspark, e Projet an Zesummenaarbecht mam Ëmweltministère, deen éischte Recyclingspark an enger Zone Verte, dee mir déi Zäit esou konnte bauen.

Ech bedauern awer, datt aner wichteg Infrastrukture wéi eng Sportshal och no Jore mat villen Diskussiounen net konnte realiséiert ginn.

Ëmsou méi wäert ech mech am Interessi vun alle Bierger aus der Gemeng asetzen.

A wéi mech déi meescht vun lech kennen, wäert ech dat och weiderhi mat vill Engagement maachen.

Francine Ernster

MATDEELUNGEN / AVIS

International Solidaritéit vu Fëlschdref aus

1993 huet déi lëtzebuergesch ONG „Action pour un Monde Uni“ (AMU) hiren éischte Projet am Libanon realiséiert. Dëse Projet war de Start vun bis dato 30 Joer Engagement an Asaz, fir vill Leit op der Welt, déi op Hëllef ugewise sinn.

Säit 2007, huet d'AMU hire Setz an och hire Büro zu Fëlschdref vu wou déi international Zesummenaarbecht organiséiert a coordinéiert gëtt.



D'AMU ass eng Organisatioun an där d'Iddi vun der Gemeinschaft an der internationaler Solidaritéit staark matenee verbonne sinn. Et läit eis um Häerz iwver eis Grenze wech ze kucken, wou Leit a Familljen an Nout sinn, an do ze hëllef wou de Besoin am gréissten ass.

D'AMU ass aktiv an Afrika an a Latäin-Amerika a schafft an enker Zesummenaarbecht mat engem internationale Réseau vu Partner-ONGen. Eis Projekte gi säit der Grënnung vun der ONG duerch de Kooperatiounsministère cofinanzéiert sief et zu 60 oder zu 80, jo souguer 90 %. Dës

Ënnerstëtzung erméiglecht et eis och gréisser Projeten ze realiséieren. Sou huet d'AMU zum Beispill an de leschte Joren 2 Pediatrieen an Tanzania gebaut, eng Klinik fir HIV/Aids Patienten an Uganda, eng Maternité zu Kinshasa am Kongo an zur Zäit ass eng weider Pediatrie a Maternité zu Tshumbe am Kongo am Bau.

Mir sinn eis awer bewusst dass et net duergeet fir Kliniken, Schoulen oder aner Projeten opzerichten. Wat gebraucht gëtt a wat och d'Majoritéit vun eise Partner freet ass e „Renforcement des capacités“, respektiv eng Professionaliséierung vun de lokalen Organisatioune souwéi Weiderbildung fir Einzelpersonen a Mataarbechter.

Duerch di richtig Formatioun garantéiere mir d'Laangliewegkeet vun eise Projeten.

An Argentinien an a Bolivie forméiere mir lokal ONGen am Beräich vun der Entwécklung vu Microentreprises. Oft sinn des kleng ONGen immens vulnerabel an hu meeschtens keng Strukturen déi et hinnen erlaben zum Beispill eng Period wéi d'Coronakris ze iwverstoen. An hei





© Amu

ass, baséiert vill um Benevolat an do gëtt et ëmmer méi schwéier motivéiert Mataarbechter ze fannen. Erlaab mir dofir w.e.g. dëse Wee ze notze fir och en Opruff ze maachen u Leit aus der Gemeng oder och ausserhalb. Dir kënt iech zu all Moment bei eis melle wann Dir intresséiert sidd eis eng Hand unzepaken.

Claude Steichen an d'ganz Equipe vun der Action pour un Monde Uni

www.amu.lu

claudesteichen@amu.lu

Tel: 26671261

probéiere mir deem entgéint ze wierken an du-erch déi richteg Formatioun 20 kleng ONGen ze stärke an ze professionaliséieren. 10 vun dësen ONGe kréien eng Ënnerstëtzung fir d'Entwécklung vun enger Microentreprise. Eng Microentreprise ass eng Struktur déi erëm Recetté generéiert an sou d'Laangliewegkeet garantéiert. 50 Famille wäerten an dëse neien Entreprises eng Aarbecht fannen.

Dës international Zesummenaarbecht geet awer net ouni sech d'Projeten och sur place unzekucken an d'Leit ze kenne mat deenen een all Dag schafft. Mir probéieren eis des Reesen opzedeele, sou, dass jidderee vun eiser Ekip sech e Bild vun den Aktivitéite ka maachen.

D'Aktivitéiten zu Lëtzebuerg an déi international Projekte vun der AMU sinn immens flott an interessant. Mee, sou wéi dat bei allen Associatiounen



© Amu



© Amu

Bicherbox

Zënter Juni steet eng Bicherbox tëscht dem Centre Culturel an dem Gemengenhaus.

De Recycling an d'Nohaltegkeet spillen hei och eng wichteg Roll. Amplaz dass Bicher, déi net méi gebraucht ginn, an engem Regal verstëbsen oder am Pabeiercontainer landen, kënnen se an der Bicherbox en neit Liewe fannen.

Dës Bicherbox erméiglecht den Awunner een oder méi Bicher ze hannerleeën, matzehuelen oder ze tauschen an dëst ouni Formalitéiten oder Käschten.

D'Bicherbox bitt Zougang zu enger breeder Pallett u Bicher a soll zur Freed um Liese bäidroen an d'Leit motivéieren, méi ze liesen.

Ee grouse Merci geet un ons Gemengenaar-bechter déi dës Projéit méiglech gemaach hunn.



© Foto c Romain Kill



FC LES AIGLONS DALHEIM

Den FC LES AIGLONS DALHEIM ass 1968 gegrënnt ginn.

Seng gréisst Erfolger hat de Club zwëschent 1988/89 wou en sech 6 Joer an der 2ter Divisioun hale konnt.

Säit dem 1. Juni 2023 huet de Club een neie Comité, domat och een neie Präsident, den Här BAATZ Gilles. Déi nei Féierung vum Veräin huet eng ganz Reorganisatioun gestart, et ass alles rëm vun ënnen un opgebaut ginn.

Ausser eng Teamfäeg Senior 1 a Senior 2 ze hu war et dem neie Comité wichteg Jugendequippen an d'Liewen ze ruffen. Net méi spéit wéi d'Saison 23/24 wor et esou wäit, mir si mat enger Bambinis a Pupilles Ekipp an d'Saison gestart. Am Laf vun der Saison si mir ob stolzer 33 Lizenze fir déi 2 Ekippen komm. Lo ass d'Ziel all Joer 1 bis 2 weider Kategorien unzemellen bis mir an all Kategorie minimum 1 Ekipp hunn. Et ass eis ganz wichteg mat der Jugend ze evoluéieren, si sinn d'Zukunft vum Club.



© FC Les Aiglons Dalheim

Enn der Saison 23/24 konnten eis Senior 1 dann ee groussen Erfolleg feiere wou mir all mega stolz sinn, den Opstig an 2 Divisioun. Lo heescht et do vill schaffe fir dësen Erfolleg ze bestätegen. Dobäi gi mir des Saison vun engem super Staff ënnerstëtzt, de Mike VARNIER an de Patrick FERGE. Déi 2 schaffen zënter ville Joren zesummen an et däreerf een also ob déi nei Saison gespaant sinn.

Fir all eis Zieler erreechen ze kënnen, si mir op Sponsoren ugewisen. Sie sinn ee wichtige Bestanddeel am Sport, ouni dës Ënnerstëtzung iwwerlieft ob Dauer kee Veräin. Mir si stolz dass mir fir déi nei Saison mat der Pizzeria Ricciacus an der Caves Leuck-Thull 2 nei Partner fonnt hunn, trotzdem ass et wichtig nach weider Partner ze fanne fir de Fussball am Duerf erëm attraktiv ze maachen.

D'Awunner a Supporter kënnen eise Veräin awer och ënnerstëtzen andeems si eng Memberskaart kafen.

Mir hunn 2 verschidde Varianten:

Carte de membre donateur -

do kënnen d'Leit gi wat se wëllen.

Carte de membre VIP -

dës kascht 75 € pro Saison - mat dëser Kaart hutt dir fräien Entrée ob all eisen Heemmatcher (13 Stéck + Coupes), dir gitt ob all eis Evenementer an Assemblée Générale invitéiert.

Et besteet awer och nach d'Méiglechkeet ee Ball fir de Match ze stëften am Wäert vu 50 €.

Fir all weider Infoe kënt dir eis gären um:

**+352 691 766911 (BAATZ Gilles) oder um
+352 691761369 (BAATZ Mireille) kontaktéieren.**



Mir halen iech och weider ob eiser Facebook-Säit, Instagram Account oder eiser Internetsäit www.fcduelem.lu iwwer all eis Aktivitéiten um lafenden.

Den Duelemer Fussball wäert och weider alles gi fir erëm attraktiv ze ginn. Mir hoffen dass dës Saison vill Leit aus der Gemeng oder ronderëm de Wee ob den Terrain fannen oder mir iech bei soss engem Evenement begrëisse kënnen.

D'ganz Fussballfamill seet scho mol am viraus vill-mools Merci a freet sech iech kennen ze léieren. Ouni är Ënnerstëtzung si mir nëmmen hallef sou staark.

FC LES AIGLONS DALHEIM



© FC Les Aiglons Dalheim

Jugendhaus

D'Jill Sidon, Responsabel vum Jugendhaus zu Duelem, huet déi lescht Woche vill flott Aktivitéite fir déi Jonk aus der Duelemer Gemeng organiséiert. Sou goufen zesummen d'EM-Matcher gekuckt, Ausflich ënnerholl, gegrillt, gebak, gekacht a mat de Bewunner aus dem Foyer La Cerisaie a mat der Maison Relais Villerchershaisercher ugemoolt fir dës an der Natur opzehänken.

De Programm vum Jugendhaus fannt dir eemol de Mount op der Facebook- an Internet-Säit vun der Gemeng Duelem.



D'Öffnungszäite vum Jugendhaus sinn:

Dënschdes – Donneschdes:
14.00 – 19.00 Auer

Freides:
16.00 – 22.00 Auer

Samschdes:
15.00 – 19.00 Auer
(kann awer änneren deemno wéi
eng Aktivitéit um Programm steet)






Et si les efforts de votre commune en matière de protection du climat... méritaient d'être connus

Dans le cadre du Pacte Climat, la commune de Dalheim a reçu sa nouvelle certification de catégorie 1 avec 49,2 % des mesures du catalogue du programme réalisées.

Dans les catégories « Bâtiments communaux » et « Organisation interne » la commune a obtenu, avec 66,2 % et 51,9 %, un résultat particulièrement remarquable. Les principales priorités pour la commune sont l'approvisionnement en énergies renouvelables ainsi que la planification de la mobilité et des transports.



circulaire et de l'adaptation au changement climatique. Dès que les communes atteignent un score 40 % du catalogue de mesures, elles peuvent se faire auditer.

Le rôle de Klima-Agence

Klima-Agence est le gestionnaire du Pacte Climat pour le compte du ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité et remplit deux missions importantes :

- la gestion du programme, la mise à disposition et l'accompagnement des conseillers climatiques et auditeurs ;
- le soutien technique et méthodologique des communes dans la mise en œuvre du Pacte Climat.

De plus, Klima-Agence s'occupe du développement continu et de la communication du programme.

Les acteurs du Pacte Climat

La Klimateam est le moteur de la mise en œuvre du Pacte Climat dans la commune. Elle est composée de représentants politiques, de collaborateurs de la commune et de citoyens. Les autres partenaires du programme sont CELL, EBL, IMS et Klima-Bündnis Lëtzebuerg.

Le Pacte Climat

Le Pacte Climat est un programme de **gestion de qualité et de certification** que le ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité a mis en place pour faciliter l'engagement des communes luxembourgeoises dans **la transition énergétique et dans la protection du climat**.

Les communes adhérant au Pacte Climat choisissent les actions à mettre en œuvre

sur leur territoire grâce à un catalogue de mesures. En contrepartie, l'État finance les coûts des conseillers climat ainsi qu'une subvention variable en fonction des efforts entrepris selon leur degré de certification.

Comment fonctionne la certification ?

Il existe quatre niveaux de certifications : 40 %, 50 %, 65 % et 75 %, ainsi que des certifications thématiques pour récompenser les efforts dans les domaines de la qualité de l'air, de l'économie

Parking

An der Kettegaass zu Duelem ass en neie Parking amenagéiert ginn, dee säit Enn Juli 2024 ka genotzt ginn. Hei kënnen bis zu 11 Autoe mat engem Maximalgewicht vun 3,5 Tonne parken, an dat fir eng Maximaldauer vun 48 Stonnen (Signalisation E,23).

Dans la rue Kettegaass à Dalheim, un nouveau parking a été aménagé lequel est accessible depuis fin juillet 2024. Jusqu'à 11 voitures d'un poids maximal de 3,5 tonnes peuvent y stationner pour une durée maximale de 48 heures (signalisation E,23).



Contrôle de la qualité de l'eau potable

Analyse de l'eau potable

(conformément à la loi du 23 décembre 2022 relative à la qualité des eaux destinées à la consommation humaine et modifiant la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau)

Eau potable distribuée dans les deux zones de pression dans les localités de Dalheim, Filsdorf et Welfrange



Extrait du rapport d'analyse du 8 juillet 2024

Lieu de prélèvement	Réseau Filsdorf, bâtiment communal 3, Am Eck
Date de prélèvement	28.06.2024

Caractères physiques et chimiques

	Unité	Valeur paramétrique	
ph	unité pH	-	7,93
Conductibilité électrique 20°C	µS/cm	≤ 2500	349
Dureté totale	°dH	-	9,1
Dureté totale	°f	-	16,3
Ammonium - NH ₄	mg/l	≤ 0.50	0,14
Calcium - Ca	mg/l	-	50,4
Kalium (K)	mg/l	-	2,6
Magnésium - Mg	mg/l	-	9,0
Natrium (Na)	mg/l	≤ 200	14,8
Chlorures - Cl	mg/l	≤ 250	20,1
Nitrates - NO ₃	mg/l	≤ 50	16
Nitrites - NO ₂	mg/l	≤ 0.50	0,03
Sulfates - SO ₄	mg/l	≤ 250	34

Caractères bactériologiques

Coliformes totaux	cfu/100ml	-	0
Escherichia coli	cfu/100ml	-	0
Entérocoques intestinaux	cfu/100ml	-	0
Germes totaux à 22°	cfu/ml	-	8
Germes totaux à 36°	cfu/ml	-	0

Remarque:

Les résultats complets de l'analyse peuvent être consultés sur le site internet de la commune de Dalheim www.dalheim.lu sous-rubrique publications / Analyses eau potable

Règlement relatif à l'allocation de subsides ordinaires et extraordinaires annuels aux associations communales

Article 1 : Objectif

La répartition des subsides aux associations sans but lucratif et clubs de la Commune de Dalheim (ci-après « les associations ») se fera annuellement suivant le présent règlement sur demande des associations et clubs – ceci pour les encourager dans leurs activités et les récompenser pour leurs efforts dans le cadre de leur travail de bénévolat et particulièrement pour leur encadrement des jeunes et leur contribution à la vie sociale locale.

Article 2 : Bénéficiaires

Chaque association, poursuivant notamment des intérêts culturels, sportifs, éducatifs, de loisirs, de bienfaisances, œuvrant dans l'intérêt de ses membres en particulier, ainsi que dans l'intérêt des habitants de la commune en général et étant neutre d'un point de vue politique et religieux, non discriminatoire sur base du sexe ou de l'orientation sexuelle, de la nationalité, de l'origine ethnique, du handicap ou de l'âge et sans restriction discriminatoire aucune quant à l'accès à la qualité de membre,

- dont le siège social est situé dans la Commune de Dalheim et dont les publications ont été correctement effectuées suivant les dispositions légales,
- dont les activités principales se situent sur le territoire de la Commune de Dalheim,
- régie par un comité librement élu et tenant annuellement une assemblée générale convoquée d'après les prescriptions légales,

peut demander un subside tel que défini par le présent règlement.

Article 3 : Eléments constitutifs du subside ordinaire

Dans le but d'honorer de manière équitable les efforts des associations entrepris au cours de l'exercice pour lequel le subside est sollicité, le présent règlement fixe les paramètres d'intervention suivants :

- Allocation de base,
- Allocation pour encadrement de jeunes,
- Participation aux frais de fonctionnement,
- Contribution aux festivités officielles auxquelles la Commune fait appel et à l'épanouissement de la vie sociale/communale.

Article 4 : Dotations des divers éléments constitutifs du subside ordinaire

4.1. : Allocation de base

Toutes les associations prévues à l'article 2, percevront une allocation de base de 250 euros.

4.2. : Allocation pour encadrement de jeunes

Les associations qui oeuvrent en faveur de la jeunesse seront encouragées pour leurs efforts.

Une allocation supplémentaire est allouée à chaque association qui s'engage dans l'encadrement des jeunes et qui compte :

- 1.500 euros si l'association comporte entre 5 et 10 membres en-dessous de 18 ans,
- 2.500 euros si l'association comporte entre 11 et 20 membres en-dessous de 18 ans,
- 3.500 euros si l'association comporte plus de 21 membres en-dessous de 18 ans.

Les associations voudront donc renseigner leurs membres en-dessous de 18 ans, en indiquant l'âge (au jour de la demande) avec la date de naissance, sur une liste à joindre au formulaire de demande.

4.3. : Participation aux frais de fonctionnement

Les associations qui doivent payer des frais de direction, des frais de formation, des frais d'accompagnement musical ou des frais d'entraîneurs dans l'encadrement des jeunes, reçoivent, sur présentation d'une preuve de paiement documentée par des moyens adéquats, un subside de participation à ces frais à hauteur de 50 %, avec un plafond de 2.500 euros.

4.4. : Contribution aux festivités officielles auxquelles la Commune fait appel et à l'épanouissement de la vie sociale/communale

Les associations qui participent aux festivités officielles de la Commune de Dalheim (p.ex. : Fête Nationale, Journée Commémorative, Grouss Botz, Konschtmaart...) et/ou qui organisent des événements, préalablement annoncés et ouverts au public, destinés à l'épanouissement de la vie sociale/communale (p.ex. : fête locale, Buergbrennen...), se voient attribuer une participation forfaitaire de 100 euros par manifestation. Le montant maximal qui peut être alloué à une association pour ce type de subside est de 500 euros par année.

Article 5 : Formulaire de demande pour subside ordinaire

La demande de subside ordinaire est à introduire sur formulaire spécial que l'administration communale communique aux associations communales. Le formulaire dûment rempli et signé par deux responsables du club doit être renvoyé à l'administration communale pour au plus tard le 31 décembre de l'année, pour laquelle le subside est sollicité.

Toute demande renvoyée tardivement n'est pas prise en considération.

Le collège des bourgmestre et échevins se réserve le droit de vérifier les données et indications fournies. Celles trouvées inexactes ou incomplètes peuvent entraîner l'annulation du droit à un ou plusieurs subsides.

Article 6 : Subside extraordinaire

Un subside extraordinaire allant de 500 euros et ne dépassant pas 5.000 euros peut être alloué à une association lorsque des anniversaires, des événements, des situations ou des projets exceptionnels, peuvent générer des besoins financiers extraordinaires. La demande y relative doit être introduite par lettre motivée à adresser à l'Administration Communale.

La demande doit comporter un descriptif succinct de l'anniversaire, de l'évènement, de la situation ou du projet susceptibles d'avoir un caractère financier extraordinaire et des frais exacts avec les pièces/factures à l'appui.

La demande sera soumise par le collège échevinal au conseil communal qui décidera s'il y a lieu de faire droit à la demande ou non et dans l'affirmative de la somme allouée à l'association demandeur.

Article 7 : Délai de carence

Une association nouvellement créée n'aura droit au subside qu'après avoir présenté un pre-

mier exercice complet, validé par une assemblée générale. L'année de création ne sera donc pas prise en considération dans le cadre du présent règlement.

Article 8 : Refus d'allocation de subside

Une association peut se voir refuser en totalité ou partiellement un ou plusieurs subsides prévus au présent règlement auxquels elle aurait droit s'il s'est avéré que cette association a causé des détériorations aux infrastructures communales (installations, locaux ou matériel) sans avoir pris sa responsabilité que ce soit dans la déclaration des dégâts et/ou de la prise en charge des dégâts.

Schnéi an/oder Glatäis während de Wanterméint

Laut Artikel 33 vum Policereglement vum **24. Oktober 2014** hunn d'Biergerinnen a Bierger d'Pflicht am Fall vu Schnéi an/oder Glatäis d'Trottoire virun hirem Grondstéck fräi vu Schnéi/Glatäis ze maache fir d'Sécherheet vun de Benotzer ze garantéieren.

D'Gemeng ass hirsäits verantwortlech fir d'Gemengeweër an d'Gemengeplazen.

D'Staatsstroossen ënnerleien der Verantwortung vun der Administratioun vun de Ponts & Chaussées.

Taekwondo Duelem

Den Taekwondo Duelem huet sech op verschiddeenen Turnéier bewisen a beandrockend Resultater erzielt. Hei sinn d'Placéierungen:



© Taekwondo



© Taekwondo

Neige et/ou verglas durant les mois d'hiver

L'article 33 du règlement de police du **24 octobre 2014** dispose que les citoyennes et citoyens de la commune de Dalheim ont l'obligation, en cas de neige ou de verglas, de dégager les trottoirs devant leurs propriétés afin de garantir la sécurité des personnes.

La même responsabilité incombe à l'administration communale pour les chemins et les places communaux.

Les routes nationales tombent sous la responsabilité de l'Administration des Ponts & Chaussées.



© Taekwondo

**HOSTERT Julien
REDAVID Christophe**

1. Plaz um Schwarzwald Pokal zu Nagold

**LOPEZ Zion
FLORENCIO Nathan**

1. Plaz um Mosel-Cup Grevenmacher

**WOZNIAK Greta
MÜLLER Noé**

2. Plaz um Schaffhausen Open an der Schwäiz

KOHL Philip

2. Plaz um Schwarzwald Pokal zu Nagold

MÜLLER Noé

1. Plaz um Croatia Open zu Karlovac

KOHL Philip

3. Plaz um Croatia Open zu Karlovac



© Taekwondo

Dir kënt gäre bei eis laanscht kommen, mir sinn
am Centre Culturel zu Duelem

Méindes an Donneschdes

fir déi Jonk (5-10 Joer) vun
18:00 – 19:00 Auer

fir déi Erwuesse vun
19:00 – 20:30 Auer

Fir all Informatiounen kënt Dir lech
gäre melle beim

DICKEN Romain Tel: 621 25 60 46
e-mail kukkiwon.lu@gmail.com



Gemeng
Duelem



Et si la pompe à chaleur vous offrait ... une solution efficace et écologique pour chauffer votre logement.

Alors qu'aujourd'hui l'accent est mis sur les solutions durables, les pompes à chaleur prennent une place d'autant plus importante. Cette technologie éprouvée offre non seulement un moyen efficace de chauffer les bâtiments, mais se révèle également être une alternative prometteuse pour minimiser l'impact environnemental.

Les pompes à chaleur utilisent l'énergie thermique disponible dans l'environnement, que ce soit dans l'air ou le sol, pour produire de la chaleur. Pour mesurer cette efficacité, on se réfère au COP (coefficient de performance), qui exprime le rapport entre l'énergie thermique produite (kWh) et l'électricité nécessaire (kWh). On observe ainsi que par rapport aux systèmes de chauffage fossiles, les pompes à chaleur offrent un avantage considérable grâce à leur efficacité énergétique.

Préjugés contre les pompes à chaleur

Il existe encore de nombreux mythes sur les pompes à chaleur, comme par exemple : « les pompes à chaleur ne peuvent être utilisées dans les anciennes constructions ». Mais la pompe à chaleur est pourtant bien une option dans les bâtiments anciens, et cela également en utilisant les radiateurs existants. Seule leur efficacité est légèrement plus faible que dans les nouvelles constructions qui disposent d'un chauffage au sol.

Si vous envisagez d'installer une pompe à chaleur dans votre maison, Klima-Agence met à votre disposition une check-list afin de vous permettre d'avoir une vue d'ensemble lors de son installation. Dans cette liste établie par nos experts, vous trouverez les éléments auxquels vous devez prêter attention lors de l'installation et de l'utilisation d'un tel système : les possibilités de réglage de votre installation, les autorisations nécessaires, les contrôles à réaliser et les différents types de pompes à chaleur. Le document fournit également un petit glossaire qui explique les termes techniques que vous risquez de rencontrer. Profitez aussi du conseil Klima-Agence, si vous avez d'autres questions.

Retrouvez la check-list ici



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Conseil indépendant et gratuit
klima-agence.lu • 8002 11 90

Dans le sac bleu Valorlux · Im blauen Valorlux-Sack · In the Valorlux blue bag

uniquement · nur · only




NEW



Bouteilles et flacons en plastique
Plastikflaschen und -flakons
Plastic bottles and containers



Emballages métalliques
Metallverpackungen
Metal packaging



Cartons à boisson
Getränkkartons
Beverage cartons



Pots, gobelets et barquettes en plastique
Plastiköpfe, -becher und -schalen
Plastic pots, cups and trays



Films et sacs en plastique · Plastikfolien
und -tüten · Plastic films and bags

✓ MAX. 5L | VIDE · LEER · EMPTY

✗ PAS DE PLASTIQUE NOIR · KEIN SCHWARZER KUNSTSTOFF · NO BLACK PLASTIC



Collecte toutes les deux semaines.
Abfuhr alle zwei Wochen.
Collection every two weeks.



Disponible sur:
Verfügbar unter:
Available on:

www.valorlux.lu



GEMENGEROTSSÄTZUNG

VUM 25. ABRÉLL 2024

Ëffentlech Sëtzung:

1. Informatiounen un de Gemengerot

De Buergermeeschter huet d'Sëtzung opge-
maach an iwwer verschidden Aktivitéiten a Reu-
niounen informéiert.

Déi politesch Vertrieder aus de Gemengen Due-
lem, Schengen a Munneref hunn de 4. Mäerz
Vertrieder aus der Regionaler Museksschoul vu
Munneref gesinn.

De 5. Mäerz huet de Schäfferot zesumme mat
anere Gemengen un enger Informatiounsver-
sammlung deelgeholl betreffend d'Gestioun
vum Syrdallheem.

De 6. Mäerz wor eng Reunioun tëscht dem CGDIS
an dem Schäfferot während där d'Pompjeeën iwwer
verschidde Rechter a Pflichte vun de Mem-
beren aus dem Schäfferot informéiert hunn.

Den 8. Mäerz sinn d'Diplomer vum « mérite sco-
laire » un déi verdéngschtvoll Schüler aus der
Gemeng während enger Zeremonie um zweete
Stack vum Gemengenhais iwwerreecht ginn. 91
Schüler sinn dëst Joer belount ginn.

De 16. Mäerz wor deen éischte « Wibbel Dag »
organiséiert vun der Jugend- a Sportskommissi-
oun.

Den 21. Mäerz hunn d'Schäfferéit vu Munneref an
Duelem sech gesinn, desweideren wor de Schäf-
ferot vun Duelem present bei der Generalver-
sammlung vun den Amis de la Cerisaie asbl.

Den 22. Mäerz huet de Schäfferot de Site vum
CIS zu Mensder besicht an huet d'Scouten am
Scoutshome zu Duelem gesinn.

De 26. Mäerz wor d'Reunioun vun de Schäfferéit
aus dem Kanton Réimech, dës Kéier op Invitati-
oun vun der Gemeng Bous-Waldbriedemes.

De 27. Mäerz wor eng Reunioun organiséiert gi
vum ORT un där och den Tourismusminister, Lex
Delles, deelgeholl huet.

De 16. Abréll huet d'Auslousung fir d'Poste vun de
Studenten am technesche Service während der
Summervakanz stattfonnt.

PRESENT:

Här Romain KILL , Buergermeeschter, Här René
ERNST, Madamm Peggy OLINGER, Schäffen,

Madamm Sonja BARTHEL , Madamm Tracy
BLOOMER, Här Nicolas DICKEN, Här Romain
DICKEN, Madamm Francine ERNSTER, Här Luc
MANGEN, Conseilleren,

Madamm Joëlle NICLOU, Gemengesekretärin

Den 20. Abréll wor d'Grouss Botz déi ee grouse
Succès wor duerch all déi Fräiwëlleg déi all Joer
drun deelhueen.

Schlussendlech huet de Schäfferot un enger In-
formatiounsversammlung zum Thema « nohal-
teg a ländlech Entwécklung » zu Schous deelge-
holl.

2. Gestionsplang fir d'Bëscher 2024-2033

No der Presentatioun vum Här Philippe Schmit
an dem Här Tom Engel vun der Naturverwaltung
betreffend den Amenagement vum Gemenge-
bësch fir d'Period vun 2024 bis 2033, huet de Ge-
mengerot dësen eestëmmeg festgehal.

3. Neit internt Gemengerotsreglement

Op Grond vum Bréif vum Inneministère
vum 12. Dezember 2023, dee verschidde
partiell Annulatiounen enthalen huet be-
treffend d'Deliberatioun vum 20. September
2023 duerch déi dat neit Gemengerotsregle-
ment ugeholl gi wor, huet de Gemengerot
eestëmmeg beschloss d'Deliberatioun vum
20. September 2023 ze annulléieren an dat
neit Gemengerotsreglement, sou wéi vum
Schäfferot virgeschloen, festzehalen.

4. Verkafscpromis

De Gemengerot huet eestëmmeg de Ver-
kafscpromis vum 17. Abréll 2024 tëschent
der Gemeng Duelem engersäits an dem Här
Jean-Marie Louis MEYRER anerersäits, du-
erch den d'Gemeng eng Parzell keeft gelee-
ën zu Welfreng, um Rand vun der Schléiwe-
gaass, ageschriwwen am Kadaster vun der

Gemeng Duelem, Sektoun C vu Welfreng, ënner der Nummer 413/3005 bezeechent als Stroosseplaz, iwwer 0,04 Ar fir e Verkaufspräis vun 30,00 €, op Basis vun engem Unitéitspräis vu 750,00 €/Ar, fir déi besteeënd Kadastersituatioun ze regulariséieren an déi ernimmte Parzell an déi öffentlech Strooss ze integréieren, bestätegt.

5. Projet fir d'Realiséiere vun enger artistescher Molerei op der Maison Relais

De Gemengerot huet beschloss, mat aacht Stëmme fir an enger Stëmm dogéint, de Projet fir d'Realiséiere vun enger artistescher Molerei vum Här Alain Welter um Gebai vun der Maison Relais fir de finale Betrag iwwer 29.852,55 € (25.515,00 + 17 % TVA), opgeronnt op 30.000,00 €, ze bestätegen.

6. Projet fir d'Renovatioune vum Haus geleeën zu Duelem, 2, Krautemergaass

6.1 Zousätzleche Kredit

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss de folgenden zousätzleche Kredit op dem neien Artikel : 4/120/221311/24026 « Renovations superficielles maison Dalheim 2, Krautemergaass + 120.000,00 € » an d'Équibréiere vum Budget 2024 wéi folgt « Diminution du boni définitif 2024 : 455.619,41 € - 120.000,00 € = 335.619,41 € », ze stëmmen.

6.2 Renovatiounsprojet

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, de Renovatiounsprojet vum Haus geleeën zu Duelem, 2, Krautemergaass iwwer 120.000,00 €, unzehuelen, wat d'Verloune vum Haus méiglech mëscht.

7. Projet fir déi punktuell Modifikatioun vum PAP « Kabesbiërg » zu Fëlschdref

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss de Projet fir déi punktuell Modifikatioun vum PAP « Kabesbiërg » zu Fëlschdref, presentéiert den 13. Mäerz 2024 vum Architekt Sébastien BOITO fir d'Gesellschaft THOMAS ET PIRON HOME S.A. betreffend d'Parzellen ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Duelem, Sektoun D vu Fëlschdref, « Lëtzebuergerstrooss » ënnert der Nummer 826/3885 am Ganzen a « Kabesbiërg » ënner der Nummer 944/3889 zum Deel, unzehuelen.

8. Commission paritaire Jousefshaus Reimich – SERVIOR - Ernennen

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss d'Madamm Francine Ernster als effektive Verrieder an d'Madamm Sonja Barthel als délégué suppléant vun der Commission paritaire Jousefshaus – Servior zu ernennen.

9. Ernennen vun zwee zousätzleche Memberen an der Drëttalterskommissioun

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss d'Madamm Claudine Calvez an d'Madamm Marion Nennig, als Membere vun der Drëttalterskommissioun ze ernennen.

10. Ernennen vun engem zousätzleche Member an der Finanzkommissioun

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss d'Madamm Claudine Calvez als Member vun der Finanzkommissioun ze ernennen.

11. « Titres de recettes »

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, duerch eng global Ofstëmmung déi folgend « titres de recettes » ze bestätegen :

2/112/748380/99001	Autres remboursements	4.229,34 €
2/170/707120/99001	Impôt commercial	292.696,87 €
2/170/744560/99001	Fonds de dotation globale des communes	9.038.890,57 €
2/250/744611/99001	Maison des Jeunes - participation dans les frais de fonctionnement	15.078 €
2/441/706040/99001	Taxes rémunératoires, redevances, recettes et remboursements divers	5.112 €
2/627/748380/99001	Remboursement par l'Etat des indemnités payées aux salariés engagés sous le statut du travailleur handicapé	22.087,03 €
2/650/708212/99001	Loyers et charges locatives d'immeubles bâtis	9.000 €
2/930/744612/99001	Allocations de l'Etat	4.232,51 €
		9.391.326,32 €

12. Donen

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss folgenden Associatiounen en Don iwwer 100 € ze bewëllegen :

1. Fondation Luxembourg – El Salvador (N°RCSL G3)
2. Les Amis Ayudame – Luxembourg (enfants abandonnés du Tiers Monde) (N°RCSL F1103)
3. SOS DETRESSE – mir hëllefen iwwer Telefon an online Asbl (N°RCSL F766)
4. ALYGRE Association de bienfaisance du Maaicher Lycée, Grevenmacher (N°RCSL F4039)
5. UGDA (N°RCSL F5499)
6. FÉBLUX Asbl – Fir Öffentlech Bibliothéiken, Lëtzebuerg (N°RCSL F8156)
7. LES AMIS DU TIBET Asbl (N°RCSL F 815)
8. MEMOSHOAH LUXEMBOURG ASBL (N°RCSL F9714)
9. Pharmaciens sans Frontières Asbl (N°RCSL F616)
10. Médecins du Monde Asbl (N°RCSL F9731)
11. LÉTZEBUERGER LANDJUGEND A JONGBAU-EREN – Service Coopération asbl (N°RCSL F1060)
12. SOS VILLAGES D'ENFANTS MONDE Luxembourg (N°RCSL F 1431)

13. Virkafsrecht

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'Virkaftsrecht op der Parzell geleeën zu Welfreng, ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Duelem, Sektoun C vu Welfreng ënnert der Nummer 492/2998 « Op der Huuscht » iwwer 4,93 Ar, net auszeüben.

14. Avis betreffend den Avant-Projet vum groussherzogleche Reglement deen als geschütztent Gebitt – Naturschutzgebitt « Altwies – Op dem Milleberg » deklaréiert – Modifikatioun vun der Benennung

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss e favorablen Avis ze ginn zum Avant-Projet vum groussherzogleche Reglement, deen eng Zone als geschütztent Gebitt am nationalen Interessi a Form vun engem Naturschutzgebitt deklaréiert. De Gemengerot huet säi favorablen Avis un d'Konditioun gebonnen, dass d'Bezeechnung vun der Zone vun « Altwies – Op dem Milleberg » op « Filsdorf – Op dem Milleberg » geännert gëtt.

15. Bestätege vu Verkéiersreglementer

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, duerch eng global Ofstëmmung, folgend zäitweileg Verkéiersreglementer ze bestätegen :

- dat zäitweileg Verkéiersreglement an der Strooss „Am Lésgesfeld“ zu Welfreng sou wéi et geholl ginn ass de 17. Abrëll 2024,
- dat zäitweileg Verkéiersreglement an der Strooss „Saangewee“ zu Welfreng sou wéi et geholl ginn ass de 4. Abrëll 2024,
- dat zäitweileg Verkéiersreglement an der Strooss „Kiischtstrooss“ zu Duelem sou wéi et geholl ginn ass de 26. Mäerz 2024 an
- dat zäitweileg Verkéiersreglement an der Strooss „Wénkelhiel“ zu Duelem sou wéi et geholl ginn ass de 26. Mäerz 2024.

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 25 AVRIL 2024

Séance publique :

1. Informations au conseil communal

Le Bourgmestre a ouvert la séance en informant sur un certain nombre d'activités et de réunions.

Les représentants politiques des communes de Dalheim, Schengen et Mondorf-les-Bains ont rencontré des représentants de l'école de musique régionale établie à Mondorf-les-Bains en date du 4 mars.

Le 5 mars le collège échevinal a participé ensemble avec d'autres communes à une réunion d'information concernant la gestion du Syrdallheem.

Le CGDIS a vu le collège échevinal le 6 mars dans une réunion au courant de laquelle les pompiers ont informé sur certains droits et obligations des membres du collège échevinal.

Les diplômes du mérite scolaire ont été remis aux étudiants méritants de la commune lors d'une cérémonie tenue au deuxième étage de la Mairie en date du 8 mars. 91 étudiants ont été récompensés cette année.

Le 16 mars s'est tenu le premier « Wibbel Dag » organisé par la commission de la jeunesse et des sports.

Le 21 mars, le collège échevinal a rencontré le collège échevinal de la commune de Mondorf-les-Bains et était présent à l'assemblée générale de l'asbl Amis de la Cerisaie.

Le 22 mars le bourgmestre et les deux échevins ont visité l'enceinte du CIS à Mensdorf et ont vu les scouts au Scoutshome à Dalheim

Le 26 mars s'est tenue la réunion des collèges échevinaux des communes composant le canton de Remich ; cette fois-ci l'hôte était la commune de Bous-Waldbredimus.

PRÉSENTS :

Monsieur Romain KILL, bourgmestre, Monsieur René ERNST, Madame Peggy OLINGER, échevins,

Madame Sonja BARTHEL, Madame Tracy BLOOMER, Monsieur Nicolas DICKEN, Monsieur Romain DICKEN, Madame Francine ERNSTER, Monsieur Luc MANGEN, conseillers

Madame Joëlle NICLOU, secrétaire communale

Le 27 mars une réunion a été organisée par l'ORT à laquelle a également participé Monsieur le Ministre du Tourisme, Lex Delles.

Le 16 avril a eu lieu le tirage au sort pour les postes d'étudiants au service technique pendant les vacances scolaires d'été.

Le 20 avril a eu lieu la « Grouss Botz » qui était un grand succès grâce à tous les bénévoles qui participent chaque année.

Finalement, le collège échevinal a participé à une réunion d'information sur le thème du « développement durable et rural » à Schoos.

Le conseil communal a décidé à l'unanimité des membres présents, de financer le projet INTERREG Memoria Romana sur fonds propres à hauteur de 110.874,24.-Euro et de signer le formulaire intitulé « Annexe – Déclaration de financement sur fonds propres Memoria Romana Partenaire financier Commune de Dalheim ».

6. Création de poste salarié à tâche intellectuelle statut EMI (emploi d'insertion)

Le conseil communal a décidé à l'unanimité des membres présents, de créer un poste de salarié à tâche intellectuelle dans le cadre des articles L.541-5 et L.541-6 du Code de travail visant à lutter contre le chômage, soit un poste en tant qu'emploi d'insertion pour chômeurs de longue durée en vue de recruter une personne en qualité de réceptionniste.

7. Création de poste fonctionnaire communal dans le groupe de traitement B1, sous-groupe scientifique et technique

Le conseil communal a décidé à l'unanimité des membres présents, de créer un poste de fonctionnaire communal dans le groupe de traitement B1, sous-groupe scientifique et technique.

8. Conventions et contrats

8.1 Contrat de location « an der Schwemm » 2024/2025

Le conseil communal a décidé à l'unanimité des membres présents, d'approuver le contrat avec le Syndicat Intercommunal Bettembourg/Leudelange établi et ayant son siège à L-3275 BETTEMBOURG, 10, rue J.H. Polk, Centre de Natation An der Schwemm, portant sur l'allocation de neuf plages de natation par deux semaines sur l'année scolaire 2024/2025, contre paiement d'une taxe de 300.-Euro HTVA par heure et par classe.

8.2 Contrat d'ingénieur pour le réaménagement de la partie de la rue „Réimecherwee“ à Welfrange située entre le croisement avec la rue „Saangewee“ et la fin de la localité

Le conseil communal a décidé à l'unanimité des membres présents, d'approuver le contrat d'ingénieur relatif au réaménagement de la partie de la rue „Réimecherwee“ à Welfrange située entre le croisement avec la rue „Saangewee“ et la fin de la localité, dûment signé le 16 juillet 2024 par le collège des bourgmestre et échevins représentant la commune de DALHEIM et la société TR-ENGINEERING Ingénieurs-Conseils.

9. Dons

Le conseil communal a décidé à l'unanimité des membres présents d'accorder un don de 100.-€ aux associations suivantes :

- AMICALE du GROUPE CYNOTECHNIQUE a.s.b.l (N°RCSL F10251)
- natur&ëmwelt – FLEEGESTATIOUN FIR WËLL DÉIEREN a.s.b.l. (N°RCSL F12675)
- Rokku Mi Rokka a.s.b.l. (N°RCSL F8956)
- SÉCURITÉ ROUTIÈRE LUXEMBOURG a.s.b.l. (N°RCSL F5652)

10. Modification du règlement général de circulation

10.1 Réglementation du stationnement sur le parking aménagé aux abords de la rue „Kettegaass“ à Dalheim

Le conseil communal a arrêté, à l'unanimité des membres présents que sur le parking aménagé dans la rue „Kettegaass“ à Dalheim sur la parcelle inscrite au cadastre de la commune de Dalheim, section B de Dalheim, sous le numéro 690/4751, le stationnement est limité aux véhicules d'un poids maximal autorisé (PMA) inférieur ou égal à 3,5 t et pour une durée maximale de 48 heures (signalisation: E,23).

11. Confirmation de règlements de circulation

Le conseil communal a décidé à l'unanimité des membres présents par un vote en bloc de confirmer les règlements de circulation à caractère temporaire suivants:

- le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue „Neie Wee“ à Dalheim tel qu'il a été pris en date du 25 juin 2024,
- le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue „Stengenerbësch“ à Dalheim tel qu'il a été pris en date du 27 juin 2024,
- le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue „Kierlingerstrooss“ à Dalheim tel qu'il a été pris en date du 12 juillet 2024,
- le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue „Wénkelhiel“ à Dalheim tel qu'il a été pris en date du 12 juillet 2024.


NATURAKTIVITÄTEN AN EISER REGION

Wanderungen, Coursen an aner Aktivitäten

2024



TEILNEHMENDE GEMEINDEN:
COMMUNES PARTICIPANTES:



Finden Sie hier einen Überblick der nächsten Aktivitäten:
Découvrez ici un aperçu des prochaines activités nature :

18.09. Vollmondwanderung (19.00-22.00)

A Wiewesch: awiewesch@anf.etat.lu / 24 75 65 03

20.09. Naturcoaching Wanderung (14.00-17.00)

A Wiewesch: awiewesch@anf.etat.lu / 24 75 65 03

21.09. Workshop: Trockenmauer (09.00-16.00)

Biologische Station SIAS: m.thiel@sias.lu / 34 94 10 26

21.09. Naturwanderung mit den Eseln (10.00-12.00)

A Wiewesch: awiewesch@anf.etat.lu / 24 75 65 03

21.09. MiniWënzer Kids / MiniWënzer Family (10.00-14.00)

A Wiewesch: awiewesch@anf.etat.lu / 24 75 65 03

21.09. Forest bathing for families (13.00-16.00)

A Wiewesch: awiewesch@anf.etat.lu / 24 75 65 03

25.09. Mediterrane Obstbäume für den kleinen Garten (19.00-21.00)

Biologische Station SIAS: c.godart@sias.lu / 34 94 10 36

27.09. Forest bathing (14.00-17.00)

A Wiewesch: awiewesch@anf.etat.lu / 24 75 65 03

27.09. Afterwork Wäin & Natur zu Ohn (18.00-21.00)

A Wiewesch: awiewesch@anf.etat.lu / 24 75 65 03

29.09. Pilzwanderung (10.00-13.00)

A Wiewesch: awiewesch@anf.etat.lu / 24 75 65 03

04.10. After-work Naturwanderung mit den Eseln (17.00-19.00)

A Wiewesch: awiewesch@anf.etat.lu / 24 75 65 03

04.10. Obstsortenbestimmungskurs (19.00-21.30)

Biologische Station SIAS: m.thiel@sias.lu / 34 94 10 26


Entdecken Sie die zahlreichen Naturaktivitäten, die in unserer Region angeboten werden, jetzt über unsere Online-Plattform:

Découvrez dès maintenant les nombreuses activités nature proposées dans notre région via notre plateforme en ligne :

www.sias.lu/naturaktiviteiten

**VIEL SPAß BEI DEN
VERANSTALTUNGEN!**

**AMUSEZ-VOUS BIEN LORS DES
ÉVÉNEMENTS!**



ORGANISIEREN SIE AUCH EINE AKTIVITÄT
- IN, MIT ODER ÜBER DIE NATUR?

Sie können Ihre Aktivität auf unserer Plattform veröffentlichen, melden Sie sich beim SIAS:

ORGANISEZ VOUS UNE ACTIVITÉ DANS, AVEC OU SUR LA NATURE ?
Vous pouvez publier votre activité sur notre plateforme, contactez le SIAS :

j.zimmer@sias.lu | 34 94 10 24



Administration
de la nature et des forêts



**Et si vous utilisiez votre propre énergie ...
pour renforcer votre autonomie énergétique
et contribuer à la protection du climat.**

Les avantages de l'autoconsommation

Un système photovoltaïque produit de l'électricité que vous pouvez soit consommer directement, soit injecter dans le réseau en échange d'une rémunération. Utiliser votre propre électricité pour faire fonctionner des appareils électriques, une pompe à chaleur ou charger une voiture électrique peut s'avérer économiquement avantageux, surtout si le prix de l'électricité de votre fournisseur est plus haut que les revenus générés par la vente de votre électricité solaire injectée dans le réseau.

En outre, l'ajout de batteries de stockage peut vous procurer une plus-value pour l'autoconsommation : elle vous permet d'utiliser le surplus d'électricité solaire durant la nuit. Toutefois, vu la consommation des ressources pour la production de la batterie et le coût non négligeable, nous recommandons un dimensionnement prudent de la batterie.

L'autoconsommation collective est une autre option intéressante. Elle vous permet de partager l'électricité produite avec vos voisins, améliorant ainsi la rentabilité de votre installation solaire.

Pour en savoir plus sur l'autoconsommation : klima-agence.lu/pv

Les outils libre-service de Klima-Agence

Pour évaluer la faisabilité et la rentabilité de votre projet, il est conseillé d'utiliser le cadastre solaire national disponible sur energie.geoportail.lu. Cet outil identifie les emplacements les mieux exposés au rayonnement solaire et propose une fonctionnalité pour l'autoconsommation, permettant à l'utilisateur d'estimer sa consommation et de déterminer l'investissement optimal.

Pour simuler les montants des aides étatiques, communales et des fournisseurs d'énergie disponibles en quelques clics, rendez-vous sur aides.klima-agence.lu.





Geburten / Naissances

Mulue Elnata 10.04.2024
Al-Paadani Brook Adelle 06.05.2024
Russi Gianmarco 08.05.2024
Majerus Lauer Kane Nolan 11.06.2024



Hochzeiten / Mariages

21.06.2024
Moussi Emaleu Serge Herve
& Rizzi Diana
27.07.2024
Winbomont Tom
& Keller Pascale
16.08.2024
Carvalhais Lopes Daniel
& Kinn Laurence



Pacs

13.05.2024
Raschella' Francesco & Sulce Blerta
05.07.2024
Mersch Pol Michel Erny & Medinger Laurence



ÉISCHT HËLLEF COURS

De CGDIS organiséiert an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Duelem en Éischt Hëllef Cours vu 16 Stonnen. Dëse Cours ass gratis a gëtt a lëtzebuergescher Sprooch ofgehalen.

D'Umeldung ass iwver de Site cours.cgdis.lu bis spëtstens 48 Stonne virum éischte Cours ze maachen.

Wéini : vum 02.10.2024 - 27.11.2024; all Mëttwochs

Um wéivill Auer : vun 19.00 bis 21.00

**Wou : an der „Salle Polyvalente“
3, Am Eck zu Fëlschdref**

D'Sujet'en

- Accidenter a Wonnen;
- Verbrennungen a Verbänn;
- Bluddungen a Frakturen;
- Bewosstlosegkeet a stabil Säitelag;
- Ootmung a Reanimatioun;
- Häerz, Defibrillator (DSA) a Kannerreanimatioun;
- Ausdoe vun engem Motorradshelm



RÉCKBLÉCK / RÉTROSPECTIVE

Generalversammlung von der Amicale Pompjeeën Duelem-Welfreng

De **7. März 2024** wor d'Generalversammlung von der Amicale Pompjeeën Duelem-Welfreng am Gemengenhaus.

Bei dëser Geleeënheet ass dem René HERMES Merci gesot gi fir säi laangjäregt, aktiivt Engagement bei de Pompjeeën. Virun iwver 42 Joer, den 1. Januar 1982, ass de René de Pompjeeë bäigetrueden. Bis 2013 wor hie bal 10 Joer Chef de Corps Adjoint an ass duerno Vize-President von der Amicale ginn.

Elo huet hien als Comitésmember seng Plaz zur Verfügung gestallt, bleibt der Amicale awer weiderhin als Member erhalten.



„Remise du mérite scolaire“

Den **8. März 2024** krute verdéngschtvoll Schülerinnen a Schüler e Certificat vun der Gemeng Duelem iwwerrecht als Unerkennung fir d'Reussite vum Schouljoer 2022-2023. Insgesamt wor e Betrag vun 19.650 € un 91 Schülerinnen a Schüler ausbezuel ginn.



© Sacha Georges



© Jos Mathey

Delegatiounswalen zu Duelem

Den **12. März 2024** sinn d'Delegatiounswale fir d'Gemengenaarbechter zu Duelem ofgehale ginn.

Dës Wal huet de Gemengenaarbechter d'Geleeënheet ginn, hir Stëmm ze ginn an déi Leit ze wielen, déi hir Interessen an Zukunft solle verrieden.

Als Delegéierten ass den Här Niklas Hefner gewielt ginn, während den Här Pol Roller als délégué suppléant gewielt gouf.



© Romain Kill

Wibbel Dag zu Duelem

De **16. Mäerz 2024** hat d'Jugend- a Sportskommissioun Duelem op de Wibbel Dag bei der Zentralschoul zu Duelem invitéiert.

Während dem gutt besichte sportlechen Event si Grouss a Kleng verschidde Sportarte méi no bruecht ginn, wéi z.B. Fussball, Spikeball an Taekwondo.

Alles an allem waren et, trotz Reen, e puer flotter sportlecher Stonnen.

*Le **16 mars 2024**, la Commission de la Jeunesse et des Sports de Dalheim a invité au „Wibbel Dag“ près de l'école centrale de Dalheim.*

Pendant cet événement sportif bien fréquenté, petits et grands ont pu découvrir plusieurs disciplines sportives, telles que par exemple le football, le spikeball et le taekwondo.

En dépit de la pluie, ce furent quelques heures de sport bien agréables.



© Jugend a Sportskommissioun



© Jugend a Sportskommissioun



© Sacha Georges

Generalversammlung Amis de la Cersaie asbl

Den **21. Mäerz 2024** wor d'Generalversammlung vun der asbl Amis de la Cersaie am Foyer La Cersaie zu Duelem.

D'Senioren hunn de Retour vum schéine Wieder gefeiert

28. Mäerz 2024 - Aussergewöhnlech war dëst Joer d'Fréijoersfest fir déi 60+, dat vum neie Schäfferot an Zesummenaarbecht mat der Drëttalterskommissioun organiséiert, an am Restaurant Kohn zu Altwies ofgehalen gouf. D'Wiel vum Restaurant war e Volltreffer, mat méi wéi honnert Gäscht, déi d'Evenement zu engem Erfolleg gemaach hunn.



Wat d'Organisatioun ugeet, war alles gemaach, fir de Gäscht en héchsten Niveau u Komfort ze bidden, an den ugebuedene Menü huet och Succès gehat.

Beim Dessert, an als Kiischt um Kuch, goufen d'Gäscht invitéiert, hir Besoinen a Wënsch matzedeelen andeems si en anonymmen, klengen Froebou ausfëlle konnten.

*Drëttalterskommissioun /
Commission du Troisième Âge*

Les seniors ont fêté le retour des beaux jours

28 mars 2024 - Une fois n'est pas coutume, c'est au restaurant Kohn, à Altwies, que le nouveau collègue échevinal a organisé, en collaboration avec la Commission du 3e âge, la Fête de Printemps des 60+. Un choix qui s'est avéré payant, car avec plus de cent convives, la manifestation a connu une affluence record.

Au niveau de l'organisation, tout avait été fait pour assurer un confort maximal aux convives, qui ont également beaucoup apprécié le menu proposé.



A l'heure du dessert, et en une sorte de cerise sur le gâteau, les convives ont également été invités à faire part de leurs besoins et envies en répondant à un petit questionnaire (anonyme) dans la bonne humeur générale.

*Drëttalterskommissioun /
Commission du Troisième Âge*



Kommioun zu Duelem

De **7. Abrëll 2024** hunn 13 Kanner hir Éischt Kommioun zu Duelem an der Kierch gefeiert. D'Fanfare Gemeng Duelem huet de Cortège musikalesch vun der Kapell bis bei d'Duelemer Kierch begleitet.



Grouss Botz

Den **20. Abrëll 2024** haten de Schäfferot, an Zesummenaarbecht mat der Bauten- an Ëmweltkommissioun, eng Grouss Botz an onsen dräi Dierfer organiséiert.

158 Fräiwëlleger, zesummegeesat aus Membere vu Veräiner a Privatpersounen aus der Duelemer Gemeng, haten sech ugemellt fir d'Stroossen an

d'Natur zu Duelem, Fëlschdref a Welfreng propper ze maachen.

Uschléissend ass de Bedeelegte bei der technescher Hal eppes z'iessen an ze drénken zerwéiert ginn.

E grouse Merci u Jiddereen deen un der Grousser Botz deelgeholl huet.



Brennholzstee

De **27. Abrëll 2024** wor, an Zesummenaarbecht mam Fierschter Tom ENGEL, eng Brennholzstee am Buchholz organiséiert ginn.

Op dëser gutt besichter Stee goufe 60 Kouerte Brennholz an 120 Kubikmeter Stammholz versteet.



E grouse Merci un d'Membere vum Taekwondo vun Duelem déi mat engem Grill an engem Ge-drénksstand op der Plaz waren.



Fréijoers-Concert vun der Fanfare Gemeng Duelem

De **27. Abrëll 2024** hat d'Fanfare Gemeng Duelem an de Centre Culturel invitéiert fir säin traditionelle Fréijoers-Concert. D'Musikanten*innen vum « Groussen » Orchester wéi och vum Jugendorchester konnten déi interesséiert Nolauschterer aus der Gemeng mat engem ofwiesslungsräiche

Programm ënnerhalen. D'Begeeschterung wor grouss, wéi nodréiglech beim Patt ze héiere wor, a Jiddereen ass zefridden a frou heem gaang.

Fanfare Gemeng Duelem




Duelemer Scouten

Am drëtten Artikel iwwert d'Scouten erziele mir iech eppes iwwert eis Scouts kiermes am Mee an eis Marche Gourmande déi vun der AvEx-Branche organiséiert ginn ass.



Den **8. an 9. Mee** wor et nees esou wäit an eis Kiermes stoung virun der Dier. Nodeems mir Dëschdes Owes a Mëttwochs den Dag iwwer fläisseg opgeriicht hu, konnt et du Mëttwochs Owes, mat musekalescher Begleedung vun de Paltongszéier an neiem Konzept vu Green Event, lassgoen.

Donneschdes ob Christihimmelfahrt hu mir dunn traditionell d'Mass gestallt an duerno e flotten Dag mat ganz ville Leit, bei schéinstem Wieder, verbruecht. Spill, Spaass a musekalesch Begleedung vun der Jugendmusek vu Stroossen an net ze vergiessen eise grouse Volleyballstournoi stoungen um Programm. E grouse Merci un all eenzele wou de Wee bei eis ob d'Wiss fonnt huet.



De **7. Juli** du hunn eis AvEx ob déi zweet Marche Gourmande invitéiert.

Eng kulinaresch Rees duerch Europa hunn eis 60 Leit, wou den Tour gemaach hu, erwartet. Den Tour ass vun Duelem iwwer Fëlschdref ob Uespelt an zeréck gaangen. Énnerwee hunn d'Leit du 5 Statiounen duerchlaaft. Och dës Kéier konnten d'Leit Spezialitéiten aus Portugal, Griichenland, Italien, Éisträich a Frankräich bei schéinstem Wieder genéissen.

Ganz vill Luef hunn si eis zeréck gelooss. An och hei jidderengem e riese Merci wou matgewierkt huet.

Dir kennt sécher sinn, dass um nächste Kulturkalenner déi nächst Marche Gourmande agedroe wäert si.

Är Scoutsekip



Fréijoersconcert

Den **12. Mee 2024** haten d'Chorale Mixte Duelem & Duelemer Kiischtebléien op hire Fréijoersconcert mat Gesang an Danz an de Centre Culturel op Duelem agelueden.

Als Optakt hunn d'Sängerinnen an d'Sänger vun der Chorale Mixte dem Publikum bekannte lët-

zebuerger Lidder aus hirem Repertoire presentéiert. Uschléissend hunn déi jonk Dänzer vun den Duelemer Kiischtebléien fir eng weiderhi flott Ënnerhalung gesuergt.

No enger klenger Paus goug et du weider mat engem interessante Programm vun den Invitéen, der « Chorales réunies Beckerich – Schweecherdal – Rippweiler ».



Pompjeesübung am Wandpark zu Duelem

De **16. Mee 2024** gouf an der Gemeng Duelem eng e bësse méi speziell Übung organiséiert. Zu Duelem gouf den Eeschtfall vun enger Héichte-rettung aus engem Wandrad geübt.

Le 16 mai 2024, un exercice un peu plus spécial a été organisé dans la commune de Dalheim. Une opération de sauvetage en hauteur sur une éolienne a été simulée. Une personne a dû être sauvée depuis la nacelle d'une éolienne, à 149 mètres de hauteur, par le groupe de reconnaissance et d'intervention en milieux périlleux (GRIMP) avec l'aide du Centre d'incendie et de secours Dalheim.



Eng Persoun huet dofir missen aus der Gondel vun engem Wandrad, aus 149 Meter Héicht, duerch de Groupe de Reconnaissance et d'Intervention en Milieux Périlleux (GRIMP) mat Hëllef vum CIS Duelem, gerett ginn. D'Übung ass perfekt ofgelaf an d'Pompjeeën haten d'Méiglechkeet déi verschidde Rettungskonzepter z'analyséieren an ze testen.



L'exercice s'est parfaitement déroulé et les pompiers ont eu l'occasion d'analyser et de tester différents concepts de sauvetage.



De tels exercices offrent aux pompiers la possibilité de s'entraîner à des types d'interventions plus spécifiques, comme le sauvetage en hauteur, et de se familiariser en même temps avec les installations sur place.

Esou Exercicë bidden de Pompjeeën d'Méiglechkeet méi speziell Zorte vun Asätz, wéi d'Héichte-rettung, ze üben a sech gläichzäiteg mat den Anlagen op der Plaz vertraut ze maachen.

La fête des voisins 24.05.2024 Filsdorf



Les salades venues du Luxembourg, de France, de Lituanie, de Géorgie, de Belgique et d'Algérie ont apporté une belle touche de diversité culinaire, permettant de partager et de découvrir différentes cultures. Le BBQ a ajouté de la gaieté à l'événement, offrant à chacun des moments de plaisir et de rires, favorisant une excellente intégration entre les voisins.

Nous nous réjouissons déjà à l'idée de l'année prochaine. En attendant, nous profitons pleinement des nombreuses activités organisées par la commune de Dalheim.

Tamuna (Tamar Lekiasvili)

Nous remercions chaleureusement la commune pour son initiative et son soutien, notamment avec la mise à disposition de tables et de bancs. Grâce à cela, les voisins d'An Schneider à Filsdorf ont pu se réunir dans une ambiance conviviale et festive.

Grillfest zu Fëlschdref

Den **1. an 2. Juni 2024** hat d'Amicale Pompjee-
ën Fëlschdref asbl op hiert Grillfest zu Fëlsch-

dref beim Wäschbuer invitéiert. Déi 2 Deeg wor
beschens fir lessen a Gedrénks gesuergt.



Klimapakt-Dag 2024

De **7. Juni 2024** goufen 41 Gemenge fir hiren
Asaz, deen si am Kader vum Klimapakt realiséiert
hunn, zertifiéiert. Bei dëser Geleeënheet krut och
d'Gemeng Duelem eng Zertifizéierung an der
Kategorie 1 fir 49,2 % ëmgesate Moosnamen un
deenen dat ganzt Klimateam geschafft huet.



Schampesfest / Fête de la Musique

Wéi all Joers **Mëtt Juni** op der Plaz beim Wäschbuer zu Fëlschdref, wor och dëst Joer eppes weider lass. E flotte Weekend ass versprach ginn - verwinnt mat flotter Musek a kulinarischer Offer – an dëst konnten d'Membere vun der Fanfare Gemeng Duelem och anhalen. Hat d'Sonn sech hannert de Wolleken opgehal an d'Temperatur wor net molleg waarm, sou huet dat d'Leit net dovun ofgehele fir e flotte Samschdeg Owend an en amusante Sonndeg bei der Musek ze verbréngen.

De Grupp Jalo Sounds a Yannisha Duo konnte Samschdes begeeschteren. Sonndes huet d'Bün dem Jugendorchester vun der Musek an de Blechensembeln vun der Regionaler Musekschoul



Munneref gehéiert. D'Éilerenger Strépp, d'Fanfare Hielem-Luerenzweiler an d'Uespelter Musek waren Nomëttes Gaascht um Schampesfest an den Ofschloss huet owes d'Nobbie Dixie Band gestallt.

De kulinarischen Deel vum Fest ass mat Scampien, Fliichten, Crêpes a Schampes ofgedeckt ginn.

All freeën se sech op d'Ausgab 2025.

Fanfare Gemeng Duelem

Kulturminister Eric Thill op Visitt zu Duelem

Den **19. Juni 2024** ass de Kulturminister Eric Thill op Duelem komm, fir sech en detailléiert Bild vum Vicus Ricciacus an dem Réimertheater ze maachen. Un dëser Visitt hunn de Schäfferot, Verrieder vum Kulturministère, der Direktioun vum Tourismusministère, dem INRA, INPA, CML an der Ricciacus Frënn asbl, zesumme mat Membere vum Gemengepersonal vun Duelem Deel geholl.

Visitt vum Vicus Ricciacus

D'Visite huet um Vicus Ricciacus ugefaangen, wou d'Madamm Nena Sand, verantwortlech Archeologin vum CRRRA Duelem, detailléiert Erklärungen zum Site ginn huet. Dëse Site huet mat sengen archeologeschen Iwwerreschter fir vill Interesse gesuert.



Réimertheater an Thermen

De Grupp ass duerno laanscht den Duelemer Adler iwver den Neie Wee erof bis bei de Réimertheater gangen. Hei huet d'Madamm Sand weider Erklärungen ginn, déi d'Visiteure méi déif an d'Zäit vun de Réimer agedaucht hunn. Wei-

der gong et laanscht déi réimesch Thermen, wat e weidere wichtege Punkt vun der Visitt war.

Aarbechtssëtzung am Gemengenhaus

Zum Ofschloss ass de Grupp an d'Gemengenhaus gaangen, wou eng konstruktiv Aarbechtssëtzung stattfonnt huet. Den Här John Voncken, Responsabele vum INPA, huet eng Presentatioun iwwert den Historique vun hiren Aarbechten zu Duelem gemaach, déi vill interessant Informatiounen enthalen huet. An dëser Sëtzung goufen och Diskussiounen iwwert d'Erhalen an d'Valoriséiere vum archeologesche Patrimoine gefouert. D'Visitt vum Kulturminister Eric Thill zu Duelem huet d'Wichtigkeet vum archeologesche Patrimoine an d'Zesummenaarbecht tëscht de verschiddenen Institutiounen belicht.



Diversitéitsdag

Den **20. Juni 2024** hat d'Kommissioun vun der Egalitéit a vum interkulturellen Zesummeliewen, an Zesummenaarbecht mam Schäffen- a Gemengerot, der Maison Relais « An de Wolleken », dem Jugendhaus an dem Foyer La Cerisaie, op hire gutt besichten Diversitéitsdag bei der Maison Relais agelueden.



Fir lessen a Gedrénks wor beschtens gesuergt. Nieft Pasteis de Nata an Eisekuchen, ass et och Glace ginn, sou datt fir jiddwieren eppes Leckeres dobäi wor.

Virowend vun Nationalfeierdag

Samschdes den **22. Juni 2024** huet d'Gemeng Duelem wéi all Joer d'Awunner op de Virowend vun Nationalfeierdag invitéiert.



Journée de la diversité

En date du **20 juin 2024**, la Commission de l'égalité et du vivre-ensemble interculturel avait invité, en collaboration avec le conseil échevinal et le conseil communal, la Maison Relais « An de Wolleken », la maison des jeunes et le Foyer La Cerisaie, à leur journée de la diversité auprès de la Maison Relais qui a attiré de nombreux participants.



Des repas et des boissons étaient offerts, incluant des pasteis de nata, des gaufres et des glaces, de sorte que chacun a pu trouver son bonheur.

An engem Cortège, zesumme gesat aus Membere vum Schäfferot, dem Gemengerot, de Scouten a Matbierger aus der Gemeng, deen ugefouert vun de Pompjeeën a musikaesch begleet ginn ass vun der Fanfare Gemeng Duelem, ass et vun der Gemengeplaz erop an déi Duelemer Kierch gaange wou den Te Deum ofgehalé gouf.

Nom Te Deum, dee vun der Chorale Duelem gesunglesch ënnermoolt a wou d'Sonnerie Nationale vun der Fanfare Gemeng



Duelem gespillt gouf, ass de Cortège an de Centre Culturel gaang, wou den Här Buergermeeschter eng Ried gehalen an op den Éierewäin invitéiert huet.

Op der Gemeindeplaz hu Lungo & Mill mat flotter Danzmusek fir gutt Stëmmung an d'Amicale Pompjeeën Duelem-Welfreng fir lessen a Gedrénks gesuergt.

D'Gemeng seet all de Leit Merci déi duerch hier Presenz all Joer mathëllefen de Virowend vun Nationalfeierdag sou flott ze gestalten.



Mammendagsfeier

De **26. Juni 2024** haten de Schäffen – a Gemengerot, an Zesummenaarbecht mat der Drëttalterskommissioun, all Mammen a Fraen ab 60 Joer aus den Dierfer Duelem, Fëlschdref a Welfreng, zesumme mat hire Partner, op eng gemittlech Feier matt Kaffi a Kuch an de Centre Culturel zu Duelem invitéiert.

Le 26 juin 2024, le collège échevinal et le conseil communal, en collaboration avec la Commission du Troisième Âge, avaient invité toutes les mères et femmes des villages Dalheim, Filsdorf et Welfrange, âgées de 60 ans et plus, ensemble avec leurs partenaires, à passer un moment convivial autour d'un café gourmand au Centre Culturel à Dalheim.





© Christiane Hermes

D'Pompjeeën zu Besuch an der Maison Relais

De **27. Juni 2024** hat d'Maison Relais "An de Wolleken" d'Amicale Pompjeeën Duelem-Welfreng op Besuch. D'Kanner haten Nomëttes bei herrlechem Wieder d'Geleeënheet, déi verschidde Pompjees-Gefierer vun No ze bewonneren a mat vill Freed a Begeeschterung un den organiséierten Ateliers deel ze huelen.

Eng onvergiesslech Erfahrung fir d'Kanner aus der Maison Relais!



© Christiane Hermes



© Christiane Hermes

Grillfest zu Duelem

Den **29. an 30. Juni 2024** hat d'Amicale Pompjeeën Duelem-Welfreng op hiert Grillfest zu Duelem op d'Scoutswiss invitéiert. Déi 2 Deeg wor niift dem Entdecke vun de Pompjeesgefiierer, Spiller fir Kanner, enger Demonstratioun vun de Jugendpompjeeën an engem Optrëtt vum Danzgrupp Kiischtebléien, beschtens fir lessen a Gedrénks gesuert.



© Amicale Pompjeeën



© Amicale Pompjeeën

Schouffest

Den **3. Juli 2024** huet d'Léierpersonal vun der Grondschoul, zesumme mat der Maison Relais, e flott Schouffest organiséiert. D'Schülerinnen a Schüler hunn e puer flott Stonne mat ville spannenden Aktivitéiten a Spiller verbruecht.

D'Magicshow mam Christian Lavey an d'Talentshow waren déi grouss Highlights vum Fest a hunn all d'Kanner an Erwuesse begeeschtert.

Fir lessen a Gedrénks war och beschtens gesuergt.



© Tanya Mersch



© Tanya Mersch

Graffiti vum Kënschtler Alain Welter op der Fassad vun der Maison Relais “An de Wolleken”

An der Woch vum **8. Juli 2024** gouf d'Fassad vun der Maison Relais “An de Wolleken” an en impressionnant Konschtwierk verwandelt, dëst vum bekannte Graffiti-Kënschtler Alain Welter. Bekannt fir seng eenzegaarteg Kreatiounen, huet den Alain Welter erëm säin aussergewöhnlecht Talent gewisen, andeems hien ee Graffiti geschaf huet, deen elo d'Gebai verschéinert.

An dësem Graffiti, deen déi viischt Fassad bedeckt, sinn ënnert anerem den Adler, ee Reebou, Wolleken an d'Sonn erëm ze fannen. Déi hell Faarwen a flott Figuren invitéieren d'Passante stoen ze bleiwen an d'Aarbecht vum Kënschtler ze bewonneren.

Dës Initiativ gouf vu Kanner, Elteren a Visiteure vun der Maison Relais breet begréisst. Nieft dem verschéinere vun der Fassad dëngt dëse Graffiti och als visuell Erënnerung un d'Wichtigkeet vun der Konscht am Alldag an hir Fäegkeet, d'Leit zesammen ze bréngen.



© Tammy Georges

Em Alain Welter soe mir Merci fir dee flotte Graffiti deen d'Freed an d'Liewen, déi an dësem Gebai herrschen, erëm spiegelt a kloer weist, dass Kanner hei hiren Dag verbréngen.

Scoutscamp vun de Gamma Scouten

An der Woch vum **20. bis 27. Juli 2024** wor ee flotte Scoutscamp vun de Gamma Scouten op der Scoutswiss zu Duelem organiséiert ginn.

Flott Aktivitéite sinn hei gebuede ginn, ënnert anerem eng Olympiade.

Als B.A. (Bonne Action) hunn d'Gamma Scouten och hir sozial Verantwortung bewisen andeems si d'Entrée vum Home mat vill Elan an Energie gebotzt hunn. Dësen Asaz huet net nëmme fir e proppert Ëmfeld gesuergt, mee och de Geescht vun der Gemeinschaft an der Hëllefsbereitschaft gestärkt.



©Gamma Scouten

Dës Woch huet erëm bewisen, wéi wichteg a wäertvoll d'Scoutserfahrung fir jonk Leit ka sinn, an d'Scoutswiss zu Duelem huet dobäi eng perfekt Kuliss gebueden.



MAGICAL SUMMERSKAPAZAN AN DER MAISON RELAIS

Vum **16. Juli bis 16. August 2024** hunn d'Summeaktivitéiten an der Maison Relais "An de Wolleken" zu Duelem fir grouss Begeeschterung bei de Kanner gesuert. Mat engem Programm voll spannend Atelierer a flotten Ausflich gouf et fir jiddereen eppes ze entdecken.



De **25. Juli 2024** gouf bei beschem Summerwieder eng gutt besichten Harry Potter BBQ-Party organiséiert, déi vill Visiteuren ugezunn hat. D'Elteren hatten d'Méiglechkeet en Abléck an d'Aktivitéite vun hire Kanner ze kréien a sech selwer vum zauberhafte Programm verwinne ze loosse.

Eng bis an den Detail perfekt Kuliss huet fir de richtigen Zauberfeeling gesuert.

Attraktiounen, wéi eng faszinéierend Zauber-show, hunn déi kleng a grouss Visiteuren an hire Bann gezunn.



Fir lesse an Drénken am Harry Potter Stil wor natierlech och beschem gesuert, sou dass keen Honger oder Duuscht huet misse leiden.

Dës zauberhafte Aktivitéiten an der Maison Relais hunn de Summer 2024 zu engem onvergesslechen Erlebens fir d'Kanner gemaach.



7. – 20. Oktober 2024

semaines de la santé *mentale*

Déi Jonk stäerken,
d'Zukunft gestalten.

semainesantementale.lu



GAUCHE, DROITE, GAUCHE ...

- Je marche toujours du côté sûr du trottoir, loin des voitures.
- Je traverse la rue au passage pour piétons en veillant aux feux de circulation : au rouge je dois m'arrêter, au vert je peux marcher mais je reste attentif. S'il n'y a pas de feux de circulation, je regarde à gauche, à droite et encore une fois à gauche avant de traverser la rue.
- S'il n'y a pas de passage pour piétons, j'attends au bord de la chaussée à un endroit où je vois bien la chaussée et où les automobilistes m'aperçoivent également. Ensuite gauche, droite, gauche...

LES PARENTS DONNENT L'EXEMPLE !

- Expliquez à votre/vos enfant(s) les règles élémentaires de la circulation.
- Sensibilisez votre/vos enfant(s) aux dangers de la route.
- Parcourez plusieurs fois le chemin de l'école ensemble.
- Respectez vous-même les règles du Code de la route : ne stationnez pas sur les passages pour piétons ou sur le trottoir.
- Faites en sorte que votre enfant monte et descende toujours de la voiture du côté du trottoir.

JE SUIS VISIBLE !

Pour que les automobilistes m'aperçoivent plus facilement dans le noir, je porte :

- des vêtements clairs,
- des bandes réfléchissantes sur mes vêtements et sur mon cartable,
- un gilet de sécurité.

CEINTURE DE SÉCURITÉ ET SIÈGE POUR ENFANTS !

Même pour des trajets courts !

- En voiture, il faut toujours être attaché, soit avec la ceinture, soit dans le siège pour enfants.
- Un enfant âgé entre 3 et 17 ans accomplis dont la taille n'atteint pas 150 cm, doit prendre place dans un siège pour enfants ou un rehausseur qui correspond à sa taille et son poids.



Vigilance accrue lors de la rentrée des classes

Surtout les enfants plus jeunes ne se rendent pas encore compte des dangers de la route et sont moins visibles à cause de leur petite taille. S'y ajoute une certaine agitation lors de la rentrée scolaire qui peut leur faire oublier les règles élémentaires de la circulation. Une attention particulière est donc requise de la part de tous les usagers de la route :

- Soyez attentif et faites attention aux enfants.
- Adaptez votre vitesse aux abords des écoles.

AGENDA

19.09.2024

SYRDALLER KITCHEN

- ~ Club Syrdall (Umeldung 26 25 35 45 / syrdall@clubsyrdall.lu)
- Salle Polyvalente Fëlschdref

22.09.2024

KONSCHTMAART

- Zu Duelem

28.09.2024

SCHNUPPERDAG

- ~ Guiden & Scouten Duelem
- Scoutshome, Duelem

02.10.2024

WÄINDEGUSTATIOUN

- ~ Action pour un Monde Uni
- Haff Steichen, Fëlschdref

09.10.2024

KAFFITREFF

- ~ Club Syrdall (Umeldung: 26253545 / syrdall@clubsyrdall.lu)
- Salle Polyvalente Fëlschdref

12.10.2024

COMMEMORATIOUNSDAG

- ~ Commemoratiounsdag

17.10.2024

SYRDALLER KITCHEN

- ~ Club Syrdall (Umeldung: 26253545 / syrdall@clubsyrdall.lu)
- Salle Polyvalente Fëlschdref

27.10.2024

HÄMMELSMARSCH

- ~ Fanfare Duelem
- Welfreng

27.10.2024

KIERMES

- Welfreng

09.11.2024

MÄERTENSFEIER

- ~ Guiden & Scouten Duelem
- Scoutswiss

09.11.2024

HÄMMELSMARSCH

- ~ Fanfare Duelem
- Duelem

10.11.2024

KAFFISSTUFF

- ~ Kaffisstuff - Œuvre Parroissiale
- Centre Culturel Dalheim

10.11.2024

KIERMES

- Duelem

13.11.2024

KAFFITREFF

- ~ Club Syrdall (Umeldung: 26253545 / syrdall@clubsyrdall.lu)
- Salle Polyvalente Fëlschdref

21.11.2024

SYRDALLER KITCHEN

- ~ Club Syrdall (Umeldung: 26253545 / syrdall@clubsyrdall.lu)
- Salle Polyvalente Fëlschdref

29.11.2024

AFTER WORK

- ~ Action Buttek Mosaik
- Haff Steichen, Fëlschdref

30.11-01.12.2024

PORTE OUVERTE

- ~ Action Buttek Mosaik
- Haff Steichen, Fëlschdref

01.12.2024

KLEESCHEN

- Welfreng-Fëlschdref-Duelem

08.12.2024

CHRËSCHTCONCERT

- ~ Chorale mixte & Chorale Kiischtebléien
- Centre Culturel Duelem

11.12.2024

KAFFITREFF

- ~ Club Syrdall (Umeldung: 26253545 / syrdall@clubsyrdall.lu)
- Salle Polyvalente Fëlschdref

14.12.2024

WANTER CONCERT

- ~ Fanfare Duelem
- Centre Culturel Duelem

19.12.2024

SYRDALLER KITCHEN

- ~ Club Syrdall (Umeldung: 26253545 / syrdall@clubsyrdall.lu)
- Salle Polyvalente Fëlschdref

September

All Samschden a Sonnden

ACCUEIL TOURISTIQUE

- ~ Ricciacus Frënn
- Réimertheater

All 1. Sonnde vum Mount

ACCUEIL TOURISTIQUE + VISITE GUIDÉE

- ~ Ricciacus Frënn
- Réimertheater + Vicus

Info

20.09.2024

KLEEDERSAMMLUNG

26.11.2024

SUPERDRECKSKËSCHT

- ~ Sammlung Recyclingpark
- vun 07:30 Auer – 15:00 Auer

Administration communale de Dalheim

Bureau de la Population / Etat Civil / Indigénat

Matin : lundi - vendredi : 08h00 - 12h00 (07h00 - 08h00 sur rendez-vous)

Après-midi : mardi - jeudi : 13h30 - 16h00 (16h00 - 17h00 sur rendez-vous)

Un rendez-vous peut être pris pour les démarches administratives urgentes.

Fermé lundi et vendredi après-midi.

M. Hervé PHILIPPI 23 60 53 223

Mme Ivana DRAGUSIC 23 60 53 224

Comptabilité

Matin : lundi - vendredi : 08h00 - 12h00

Après-midi: mercredi : 13h30 - 16h00

mardi et jeudi: 13h30 - 15h00

Fermé lundi et vendredi après-midi.

Mme Eliane WEIMERSKIRCH 23 60 53 222

Recette

Matin : lundi - vendredi : 08h00 - 12h00

Après-midi : mercredi - jeudi : 13h30 - 16h00

Fermé lundi, mardi et vendredi après-midi.

Mme Myriam KIEFFER - receveur 23 60 53 221

Secrétariat

Uniquement sur rendez-vous.

Mme Joëlle NICLOU - secrétaire communal 23 60 53 232

Mme Romaine RASSEL 23 60 53 230

Mme Henriette DE PERCIN 23 60 53 231

Service technique

Uniquement sur rendez-vous.

M. Claude STREEF - préposé au service technique 23 60 53 273

M. Markus NEUKIRCH 23 60 53 272

M. Paulo RODRIGUES 23 60 53 270

M. Jos MATHEY 23 60 53 271

Service Eau

M. Jos MATHEY 621 31 41 95

Délégué à la sécurité

M. Carlos GOMES 621 46 88 09

Centre de recyclage

23 60 53 274

Horaires d'ouverture HIVER (31.10.2023 - 30.03.2024)

Mardi, jeudi, samedi : 13h30 - 16h30

Fermeture annuelle du jeudi 28 décembre 2023 au samedi 30 décembre 2023 inclus.

Horaires d'ouverture ÉTÉ (02.04.2024 - 31.10.2024)

Mardi et samedi : 13h30 - 16h30; jeudi : 13h30 - 17h30

Maison des Jeunes

Mardi - Jeudi : 14h00 - 19h00

Vendredi : 16h00 - 22h00

Samedi : 15h00 - 19h00 (peut varier selon les activités)

Mme Jill SIDON 26 67 26 74



L'E-commissariat de la Police vous permet d'effectuer des **démarches** et d'adresser des **demandes** à la Police confortablement depuis votre domicile. Différents services sont à votre disposition en ligne et ainsi disponibles à toute heure.



DÉPOSER UNE PLAINTE EN LIGNE

Pour certaines infractions, il est possible de déposer une **plainte** via l'E-commissariat. C'est notamment le cas pour les **vols d'objets** tels que des portefeuilles, sacs à main, vélos, téléphones portables, tablettes, ordinateurs, appareils photo ou autres appareils électroniques, ainsi que des bijoux.

Les conditions sont les suivantes : l'**auteur est inconnu**, **personne n'a été blessé**, il n'y a **pas** eu recours à la **force** et il n'y a **pas de traces matérielles exploitables**.

PAR LE BIAIS DU E-COMMISSARIAT, VOUS POUVEZ EN OUTRE :



• Déclarer un **objet trouvé** ou **perdu** ;



• Déclarer un **dommage** que vous avez vous-même causé avec votre **véhicule** ;



• Demander un **renseignement** à la Police ou envoyer un **message** à la Police ;



• Signaler des cas de **cyber-grooming** ;



• Ou encore inscrire votre domicile au **service de prévention gratuit** « **Départ en vacances** », pour que la Police puisse intégrer votre domicile dans ses patrouilles de sécurité pendant que vous êtes en vacances.



Vous trouverez l'E-commissariat sur www.police.lu ou en **scannant** le **code QR** ci-contre.

.....

NE REMPLACE PAS LE NUMÉRO D'URGENCE 113



L'E-commissariat de la Police n'est pas le bon interlocuteur pour les situations qui nécessitent une intervention immédiate de la Police.

En cas d'urgence, de **danger imminent** ou de **menace**, composez immédiatement le numéro d'urgence de la Police **113 !**

.....



Biodiversitätsprogramme | contrats de biodiversité

DE

Naturschutz mit den Bauern

Die vielfältige Landschaft Luxemburgs wurde in den letzten Jahrtausenden durch die Landwirtschaft geprägt. So entstand die Kulturlandschaft, wie wir sie heute kennen. Durch die extensive Landwirtschaft konnte sich eine hohe Artenvielfalt mit vielen Lebensräumen, wie zum Beispiel artenreichen Mähwiesen, Heckenstrukturen oder Streuobstwiesen, entwickeln. Diese wertvollen Lebensräume sind auch in der Gemeinde Dalheim zu finden.

Durch die Intensivierung und Mechanisierung sowie den Verlust von Kleinbetrieben und Flurbereinigungen sind in den letzten 70 Jahren viele ökologisch wertvolle Strukturen mit ihren charakteristischen Arten verloren gegangen. Um dem entgegenzuwirken, arbeiten wir von der Biologischen Station SIAS eng mit den Landwirten in der Region zusammen.

Hier ist die sogenannte Biodiversitätsverordnung mit ihren verschiedenen Bewirtschaftungsprogrammen ein wichtiges Instrument. Dabei handelt es sich um Programme, die Landwirte freiwillig abschließen, um gezielt extensiv zu arbeiten und einen wichtigen Beitrag zur Erhaltung und Förderung der Artenvielfalt zu leisten. Dafür erhalten sie eine Entschädigung, damit ihr Betrieb weiterhin wirtschaftlich funktionieren kann.

Auf dem Gebiet der Gemeinde Dalheim konnten in den letzten Jahren 49 Verträge mit 14 verschiedenen Landwirten abgeschlossen werden, was einer Fläche von 69 ha entspricht. Die Artenvielfalt im Offenland kann nur durch die Zusammenarbeit mit den Landwirten erhalten und gefördert werden.

FR

Protection de la nature avec les agriculteurs

Le paysage varié du Luxembourg a été façonné par l'agriculture au cours des derniers millénaires. C'est ainsi qu'est né le paysage culturel tel que nous le connaissons aujourd'hui. Grâce à l'agriculture extensive, une grande diversité d'espèces a pu se développer avec de nombreux habitats. Ces précieux habitats se retrouvent également dans la commune de Dalheim.

L'intensification et la mécanisation ainsi que la perte de petites exploitations et les remembrements ont entraîné la disparition de nombreuses structures de grande valeur écologique et de leurs espèces caractéristiques au cours des 70 dernières années. Pour y remédier, nous, à la station biologique SIAS, travaillons en étroite collaboration avec les agriculteurs de la région.

Dans ce contexte, le règlement pour la sauvegarde de la diversité biologique en milieu rural et ses différents programmes d'exploitation constituent un instrument important. Il s'agit de programmes que les agriculteurs concluent volontairement afin de travailler de manière extensive et ciblée et d'apporter une contribution importante à la conservation et à la promotion de la biodiversité. En contrepartie, ils reçoivent une indemnisation afin que leur exploitation puisse continuer à fonctionner de manière rentable.

Sur le territoire de la commune de Dalheim 49 contrats ont pu être conclus ces dernières années avec 14 agriculteurs différents, ce qui correspond à une superficie de 69 ha. La biodiversité des milieux ouverts ne peut être préservée et favorisée que par la collaboration avec les agriculteurs.

